



Vote sur l'ensemble du projet de loi 6879 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi persénelech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6879 ass mat 60 Stëmmen unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, d'Dispens ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

An da komme mer zum nächste Fusiounsprojet, d'Fusioun tëscht de Gemengen Habscht a Simmer, an deeselwechte Rapporteur Yves Cruchten huet d'Wuert.

14. 6880 - Projet de loi portant fusion des communes de Hobscheid et de Septfontaines

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

► **M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Wa mer schonn amgaange sinn, da maache mer direkt nach eng Fusioun perfekt. An u sech kéint ech jo hei bal meng Ried vu virdru widderhuelen, mä dat géif awer de Gemengen Habscht a Simmer an och där ganzer Méi, déi sech an deenen zwou Gemenge gemaach gouf an deene leschte Joren, net gerecht ginn. Dofir probéieren ech, meng Ried och e bëssen ofzewiesselen.

D'Gemeng Habscht, mat den Uertschaften Habscht, Äischen an de Lieux-dits Gäichel an d'Kräizerbuch, zielt haut eng 3.400 Awunner. D'Gemeng Simmer, mat den Uertschaften Simmer, Simmerfarm, Simmerschmelz, Gräisch, Rued a Léisbech kéint op gutt 800 Awunner. Zesummen zielt déi nei, fusionéiert Gemeng Habscht also eng 4.200 Awunner an ass soumadder déi drëttgréisst Gemeng aus dem Kantoun Capellen.

Aus der Iwwerleeung eraus, dat Beschit fir hir Awunner ze maachen, sinn d'Gemengeresponsabel vun Habscht a vu Simmer uneneen ergetrueden, fir ze fusionéieren. Datt een zesumme méi effizient a besser d'Erausfuerrunge vun enger Gemeng am 21. Jorhonnert ka meeschten, ass wuel dat wichtegst Argument gewiescht. Et kann ee sech och administrativ besser opstellen, méi diversifizéiert, respektiv qualitativ méi héichwäerteg Déngschter ubidden, well een d'Personal anescht asetze kann.

Allegueren d'Awunner vun eise Land hunn e Recht op vergläichbar a qualitativ gutt Gemengedéngschtleeschungen, u sech egal wou se wunnen. Elo läit et awer op der Hand, datt dat méi schwéier ze realiséieren ass an enger Gemeng mat 800 Awunner ewéi an enger Gemeng mat 5.000 Awunner oder méi. D'Fusioun ass do déi richteg Äntwert op déi Problematik.

Et ass keen einfache Schrëtt, deen déi zwou Gemenge maachen. Et ass e couragéierte Schrëtt. Mä virun allem ass et och hei dee richtige Schrëtt. Och an deenen zwou Gemenge gouf déi Fusioun vun de Gemengepolitikere gutt virebereet an esou wéi et an der Charte européenne de l'autonomie locale vun 1985 virgesinn ass, dem Wëlle vun den Awunner via Referendum ënnerebreet. Bei dësem Referendum gouf et eng breet Zoustëmmung, fir ze fusionéieren.

De Stat leet bei dëser Fusioun eng 8.300.000 Euro bäi. Et kann een d'Gemengepo-

litiker vun Habscht a vu Simmer félicitéieren, datt si sech entscheet hunn, déi Suen an noutwendeg Projete ze investéieren. Esou wäert d'Grondschoul zu Simmer ausgebaut ginn, zesumme mat enger Maison relais fir d'Kanner aus der Gemeng Simmer, de Chemin repris 106, deen duerch Habscht geet, gëtt erneiert an zu Äischen soll e Projet fir betreit Wunne fir den Drëttten Alter entstoen. Et ginn also keng Prestigebauten oder iwwerdimensionéiert Infrastruktur gebaut, mä et si wichteg, jo, noutwendeg Projete, déi och direkt den Awunner aus den zwou Gemengen zeguttkomme wäerten.

Mat der Ofstëmmung vun haut entsteet elo offiziell den 1. Januar 2018 déi nei Gemeng Habscht. Mat dëser Ofstëmmung ass d'Aarbecht allerdeings nach net gëdoen. Bis dohi mussen d'Gemengeservicer nei organiséiert ginn, d'Reglementer openeen ofgestëmmt ginn, an d'Awunner wéi och d'Veräiner mussen dës Bestriewunge begleeten.

Wann dann am Oktober 2017 en neie Gemengerot gewielt gëtt, da besteet deen aus véier Gemengeréit aus der aler Gemeng Simmer an 11 Réit aus der aler Gemeng Habscht. Bei de Wahlen drop am Joer 2023 gëtt dann eng éischte Kéier zesumme gewielt an d'Zuel vun de Gemengeréit dem Gemengegesetz no ugepasst. Bis dohinner ass nach vill ze dinn an et ass alle Concernéierten ze wënschen, datt se mat deemselwechten Engagement virufuere wéi bis elo.

Ech wëll mech jo hei net widderhuelen, mä dee Luef, deen d'Chamberskommission dem Gemengepersonal an de Gemengepolitikere bei där anerer Fusioun ausgesprach huet, dee gëllt an zielt natierlech och fir déi vu Simmer a vun Habscht.

Dee Projet de loi hei ass nëmmen ee vu ville Punkten op eise Ordre du jour vun haut, mä et ass ee ganz wichtige Ament fir d'Awunner vun deenen zwou Gemengen. An dofir ginn ech och hei d'Zoustëmmung vu menger Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Félix Eischen.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Merci, Här President. Erlaabt mer direkt, dem honorabelen Deputéierten Yves Cruchten e grouse Merci ze soe fir säin ausféierlechen a prezise Rapport.

De Wee awer fir dës Gemengefusioun, dee war net ëmmer ganz einfach, aus Grënn, op déi ech elo op dëser Plaz awer net méi wëilt agoen, dëst och aus Respekt virun de Meenungen.

Hunn déi Käercher Bierger sengerzäit am Referendum vum Oktober 2010 géint eng Fusioun mat Simmer gestëmmt, hunn d'Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot vu Simmer sech doduerch awer dunn net demotivéiere gelooss an no engem neie Fusiounspartner gesicht an och ee fonnt. Dat war mat der Gemeng Habscht du séier de Fall. An no intensive Berodunge gouf am September 2013 de Fusiounsprojet offiziell vun deenen zwee Gemengeréit guttgeheesch. Am Mee 2014 hunn d'Bierger aus der Gemeng Simmer mat ronn 58% fir d'Fusioun gestëmmt. An doropshin huet Habscht och e Referendum gemaach, wou e gläich héicht Resultat vun och ronn 60% bal fir d'Fusioun erauskomm ass.

De Gesetzesprojet muss also haut nach an der Chamber gestëmmt ginn an dann dierfe mer eis dann, de Rapporteur huet et gesot, fir den 1. Januar 2018 op déi nei Gemeng Habscht freeën. Op weider Detailler vun dësem Projet de loi wëll ech awer elo net weider agoen, de Rapporteur huet dat jo am Detail gemaach.

Sécherlech hunn déi staatlech Finanzhëllef fir déi dräi Fusiounsprojete, den Ausbau vun der Simmer Schoul, eng Struktur fir betreit Wunnen zu Äischen an de Réaménagement vun der Haaptstrooss duerch Habscht och zum Erfolleg vum Referendum bäigedroen.

De Gesetzesprojet gesäit vir, dass Avancé vun deenen Hëllef virum Akraafttriede vun der Fusioun, also nach virum Januar 2018, kënnen ausbezuel ginn. Ech weess, dass och scho ganz konkret un deenen dräi Projekte geschafft gëtt. Dat ass och gutt esou. Deemo kéinten déi zwou Gemenge schonn an den nächste Méint op déi versprochen Avancen zrëckgräifen an esou ouni Emprunten dës wichtige Projekte weiderféieren.

Mä dat Finanziellt ass awer bei Wäitem net dat eenzegst Element. Dir wësst, vill Elementer mussen hei zesummekommen, fir dass eng Fusioun reusséiert. Virun allem muss se e gemeinsam Zil hu fir déi nei Gemeng. Doriwwer eraus gëllt et awer och, d'Bevëlkerung vun den Avantagé vun där neier Fusiounsgemeng ze iwwerzeegen an och op eventuell Problemer anzegeen a gläichzäiteg eben zesumme besser Léisungen ze proposéieren.

Et ass ganz vill, wat dës fusionéiert Gemenge matenee verbënnt. Si gi matenee fusionéiert, dat ass richtig, awer do hannendru läit dat Wesentlecht, dat Eigentlecht, wat d'Fusioun jo ausmécht, wat wichteg ass a wat de primären an eigentlechen Hannergrond vun der Fusioun duerstellt: D'Zesummeliwee soll ganz einfach méi einfach ginn!

Et ass dofir, firwat d'CSV och zu de Fusiounen vun de Gemenge steet. D'Fusiounen si jo kee Selbstzweck. Si hu villméi zum Zil, eng Gemengelandschaft ze erméiglechen an opzebauen, déi am Endeffekt eng méi staark, eng méi leeschtungsfäeg Gemeng mat performante Servicer eben am Interessi vum Bierger garantéiere soll.

Här President, ech sinn iwwerzeegt, dass en Deel vum Succès vun dëser Fusioun och op der Hëllef vu bausse baséiert. Besonnesch am Ufank vun hiren Demarchë konnten déi zwou Gemengen op d'Ënnerstëtzung vun der Cellule indépendante fusions communales zrëckgräifen. Dës Cellule war ënnert dem viregten Innenminister Jean-Marie Halsdorf an d'Liewe geruff ginn, fir alle Gemengen ze hëllefen, déi un enger Fusioun interesséiert waren.

Dës Kommission hat dee grouse Virdeel, dass se fir all déi Bedeelegt indëpendant war. Well hir Membere vill Erfahrung gesammelt haten, déi se bei anere Gemengefusiounen ebe schonn erageholl haten, konnte si mat enger ganzer Rei vu professionelle Rotschleier zur Säit stoen. Besonnesch an der Kommunikatioun ass dat enorm wichteg, wann et drëm geet, wéi ee sech soll uleeën, wourobber een oppasse muss, wéi eng Weeër am Aarbechtsgrupp fonctionnéieren a wéi eng eben net.

Ech muss lech soen, ech fannen et eigentlech schued, dass et dës Ënnerstëtzung zanter dem Summer 2015 net méi esou gëtt. Ech zweifelen awer ganz bestëmmt net drun, dass d'Beamten am Intérieur all Gemeng, déi fusionéiere wëllt, souwuel eng administrativ wéi och eng juristesche Hëllefstellung wäerte ginn.

Ech froe mech awer, ob dat eleng duergeet. D'Cellule hat näämlech och nach e bëssen en aneren Opdrag. Hir Roll war et, éischstens, d'Gemengeresponsabel fir d'Fusioun ze motivéieren, zweetens, hinnen ze hëllefen, déi éischt politesch Schrëtt an d'Weeër ze leeden, zum Beispill de richtige Fusiounspartner iwwerhaupt emol ze identifizéieren, drëttens awer och, se duerch déi verschidden Etappe vun der Fusioun ze coachen. Dat war och am Fong hir wichtigst Roll. Si konnt hinnen näämlech punktuell zur Säit stoen, wann dann eventuell Schwieregkeeten entstane sinn.

Dës Zort vu Begleitung, dat hunn ech vun e puer Säiten héieren, kann awer ganz entscheidend sinn! Ech géif dofir un de Minister appelléieren ze probéieren, eventuell ënner enger anerer Form weiderhin de Gemengen esou eng Ënnerstëtzung unzibidden, fir dass och an Zukunft nach eng Partie staark a gutt opgestallte Gemengen duerch Fusiounen esou kéinten entstoen.

Här President, et freet mech, dass meng Nopeschgemeng dës Wee geet an domadder e gudde Strapp wiisst. Ech wënschen hinnen dobäi e ganz groussen Erfolleg!

Selbstverständlech wäert d'CSV-Fraktioun dës Projet de loi och stëmmen, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo direkt den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn** (DP).- Här President, obwuel ech et virun e puer Minutten op dëser Plaz scho gesot hunn, widderhuelen ech et awer nach eng Kéier...

► **Une voix.** - Aah!

► **M. Max Hahn** (DP).- ...Fir d'DP ass et enorm wichteg, dass d'Fusiounen vun ënnen erop wuessen an net vun uewen erof diktéiert ginn. Bei Gemengefusiounen mussen zwou Konditiounen erfëllt ginn: Dat ass zum engen, dass déi verschidde Gemengeresponsabel sech eens sinn, an zum aneren, dass d'Bevëlkerung, also d'Bierger aus deenen eenzelne Gemenge sech och eens sinn an ëm hir Meenung gefrot ginn.

Deemo: Ass eng Gemengefusioun eng Selbstverständlechkeet? Neen, net wierklech. Et brauch ee kee ganz laange Verhalt ze hunn, fir ze wëssen, dass et 2012 (veuillez lire: 2010) schonn zu engem Referendum koom, wou iwwer eng méiglech Fusioun vun de Gemenge Simmer a Käerch ofgestëmmt gouf. Déi deemools geplangte Fusioun vun de Gemenge Simmer a Käerch war näämlech net nëmmen de Wonsch vun de Gemengeverantwortleche vun deenen zwou Gemengen, mä och dee vun de Simmer Bierger, déi sech an engem Referendum majoritär fir dës Fusioun ausgeschat hatten.

Dass et ni zu dëser Fusioun koom ass, läit do run, dass d'Awunner aus der Gemeng Käerch mat 56% géint dës Fusioun gestëmmt hunn. Simmer mat senge knapp 800 Awunner war sech awer bewosst, dass si als kleng Gemeng et schwéier wäerten hunn, fir an Zukunft hire Bierger déi Servicer unzibidden, déi hautsdaags verlaangt ginn. Dofir hunn déi Gemengeverantwortlech hir Beméiunge weidergefuert an hu sech nom negative Resultat aus dem Referendum iwwert d'Fusioun mat der Gemeng Käerch no engem alternative Fusiounspartner ëmgeluecht. A si sinn och mat der Gemeng Habscht fündeg ginn.

Bal 60% aus der 800 Awunner staarker Gemeng Simmer hu sech de 25. Mee 2014, also zäitgläich mat den Europawahlen, fir eng Fusioun mat der Gemeng Habscht ausgeschwat. En halleft Joer méi spët hu sech d'Awunner vun der Gemeng Habscht mat bal identeschem Resultat fir eng Fusioun ausgeschwat. D'Bierger aus deenen zwou Gemenge stinn also zu dëser Fusioun.

Här President, mat dem heitege Vott ass et vollbruecht: Et steet der Fusioun vun de Gemengen Habscht a Simmer näischt méi am Wee. D'Fusioun gëtt ab dem 1. Januar 2018 Realitéit. An d'Fusiounsgemeng wäert den Numm „Commune de Habscht“ droen an aus de fënnef Uertschaften Habscht, Äischen, Simmer, Gräisch a Rued bestoen a 4.200 Awunner zielen.

Dëst gesot, soen ech dem Rapporteur Yves Cruchten nach eng Kéier Merci, dës Kéier fir de Rapport vum Gesetz zur Fusioun vun de Gemenge Simmer an Habscht, fir säin exzellente schréfflechen a mündleche Rapport. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Ech gi selbstverständlech den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Hahn. An nach en Déjà-vu!

► **M. Roberto Traversini** (déi gréng).- Här President, ech wäert mech dann och widderhuelen. Et ass alles gesot. An ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Exzellent!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An den Här Gibéryen gëtt weider un den Innenminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Hunn ech d'Wuert, Här President?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann Dir den Innenminister sidd, jo.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Et gesäit emol esou aus.

(Hilarité)

Gutt. Fir d'Éischt wëll ech emol Merci soe fir dee Vott vun virdrun, och wann dat net üblech ass. Mä et gesäit een, dass mer hei mat enger grousser Eenegkeet dës Fusiounsprozess kënnen weiderdreiven. Ech hoffen, dass et bei dësem Projet net vill aneschtens wäert sinn.

Ech wëllt just da vläicht eng Zousazerkklärung ginn zu deem, wat den Här Eischen gesot huet, wat d'Cellule indépendante fusions communales ugeet. Ech mengen, et war vun Ufank un ugeduecht, wéi se kreiéiert ginn ass - an hire Kreateur sëtzt hei -, dass déi Cellule an der Zäit géif begrenzt ginn. An et war och esou, dass se zrëckgegraff huet op eng Rei vu Mataarbechter, déi souwisou och nach aner Beruffer ausüben, soudass also net d'Iddi hannendrustoung, fir déi Cellule op éiweg weiderfunktionnéieren ze loosse. Ech hunn awer, well ech weess, dass do eng ganz gutt Aarbecht geleescht ginn ass, soubal wéi ech dohinnerkomm sinn, de Mandat vun där Cellule verlängert bis de Juli 2014, fir dass se hir Aarbecht kéint ofschléissen.

An ech wëll och hei soen, dass se e ganz gudde Ofschlossrapport presentéiert huet, deen och fir jiddwereen aseebar ass. Et ass kee Geheimnis. Et ass keen Dokument, wat an den Tirang vum Ministère verschwonnen wär, mä dat ass en éffentlecht Dokument, wat jiddweree kann noliessen, deen dorunner interesséiert ass, zumindest d'Chamberskommission kéint dat maachen, wann Intérêt besteet.

A selbstverständlech, dat, wat Der mer mat op de Wee ginn hutt, ech mengen, dorunner schaffe mer, dass mer déi Gemengen, déi wëllen an e Fusiounsprozess treden, weiderhi wäerte gutt beroden. Ech mengen, dat lescht



Beispill, dat hu mer, ech kann dat hei soen: Et sinn zwou Gemengen, déi scho ganz wäit an de Viraarbecht fir eng weider Fusioun getruede (veuillez lire: virukomm) sinn. Dat sinn d'Gemeng Rouspert an d'Gemeng Mompech. An déi gi ganz direkt am Intérieur betreit, esou wéi dat bei deenen anere Gemenge virdrun och zum Deel gereegelt ginn ass.

Also, ech kann lech berouegen, Här Eischen, mir schaffen dorunner, fir déi Gemenge weiderhin esou gutt ze ënnerstëtzen, wéi dat och an der Vergaangenheet de Fall war.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Innenminister. A mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6880 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6880 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Prokurationsvoten. An d'Ofstëmmung ass elo direkt eriwuer.

An de Fusionsprojet ass ugeholl mat 60 Stëmmen, also unanime.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Kriepes, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

An da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, de Projet 6896, en Accord erëm eng Kéier am Beräich vun der Sécurité sociale, des Kéier mat Frankräich...

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Sécurité sociale?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen, Sécurité civile! Entschëllegt!

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hunn lech gesinn an dunh hunn ech direkt un dat Soziaalt geduecht.

15. 6896 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française relatif à l'assistance et à la coopération dans le domaine de la sécurité civile, signé à Paris le 26 mai 2015

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

► **M. Frank Arndt (LSAP), rapporteur.** - Dat ass léif, dat do, vun Ärer Säit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber ass de Mëtte gefrot, fir engem Accord tëschent Lëtzebuerg a Frankräich zouzestëmmen, deem dat grenziwwerscheidend Rettungswiese betrëfft. De Projet de loi gouf de 4. November d'lescht Joer vum Ausseminister déposéiert an un d'Intérieurskommissioun iwwerwisen.

De Statsrot huet säi positiven Avis den 1. Dezember 2015 zoukomme gelooss. An d'Chamberskommissioun huet de Projet an den Avis vum Statsrot an hirer Reunioun vum 14. Januar 2016 analyséiert. An darselwechter Sitzung

sinn ech als Rapporteur vun dem Projet de loi genannt ginn. D'Chamberskommissioun huet de Projet de 4. Februar 2016 ugeholl. An zum Projet selwer ass ze soen, dass Lëtzebuerg eng ganz laang Traditioun vun Zesummenaarbecht am Beräich vun de Rettungsdéngschter mat eise franséischen Nopere huet.

Här President, deen Accord iwwer eng géigesäitig Hëllefstellung, deen am Moment besteet, gouf schonn den 10. Dezember 1962 tëschent Lëtzebuerg a Frankräich ënnerschréiw. Verännert gouf den Accord fir d'Lescht 1988 duerch en Avenant. De 26. Mee 2015 hu béid Länner zu Paräis een neien Accord ënnerschréiw, deen den Text vun 1962 sollt ersetzen.

Dir Dammen an Dir Hären, Hëllef ënner Nopere ass ee Muss. A bei eis am Land funktionéiert dat beschteens, ob dat um Niveau vun den Dierfer, de Stied oder vu Gemengen ass, oder eben, wann et iwwert d'Landesgrenzen eraus geet. Wéi mer wëssen, ass Hëllef iwwert d'Grenze scho ganz laang bei eis selbstverständlech, ob et laanscht d'Sauer, d'Our, d'Musel oder laanscht d'Grenze vun der Belsch a Frankräich ass, do kennen d'Pompjeeën an d'Protex keng Grenzen. An et ass och gutt esou, dass si ouni Grenze kënnen schaffen a matenee kënnen schaffen.

Dir Dammen an Dir Hären, mä och de Kader muss passen, op deem zesumme geschafft gëtt. An d'Zil vun dësem Projet de loi ass et, fir eng géigesäitig Ennerstëtzung méi schnell an einfach ze erméiglechen, fir sécherzestellen, dass am Grenzgebitt am Fall vun enger Katastroph oder engem schweieren Accident ganz schnell Hëllef op der Plaz ka sinn. Deen neien Accord ass ee wichtege Schrëtt, fir déi Zesummenaarbecht, déi zanter méi wéi 50 Joer besteet, nach méi effikass ze maachen.

Här President, dësen Accord behandelt véier verschidde Beräicher.

Éischteens geet et ëm eng géigesäitig Hëllef a Berodung, wat d'Organisatioun vun de Services, d'Ausschaffe vu Rettungspläng an Etüden zu Sécherheetsfroer maache bedeit, déi fir béid Säite wichteg sinn an d'Evaluatioun vum Ëmgang mat Noutsituatiounen betrëfft.

Zweetens, et soll en Austausch vun Experten a Spezialiste stattfannen, an en Échange vun Informatiounen an Dokumenter iwwert d'Rettungsdéngschter.

Drëttens ginn d'Konditiounen an d'Modalitéite festgeluecht, ënnert deene grenziwwerscheidend Asätz kënnen stattfannen. Do geet et zum Beispill iwwert d'Formalitéiten, déi musse fir d'Iwwerschréide vun de Grenzen erfëllt ginn. Et gëtt festgeluecht, wien a firwat a wéi enger Form Hëllef kann ufuere, wat fir ee Material ka matbruecht ginn a wien d'Käschte vun dësem Asaz iwwerhëlt.

Véiertens enthält den Accord Bestëmmungen, wéi sech déi verschidden Akteuren ënnereene informéieren, fir dass jiddweree weess, wien d'Uspréchnpartner sinn a wat fir eng Administratioun am Partnerland woufir zoustänneg ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Zäitpunkt fir deen neien Accord ass och ganz gutt gewielt, well mir hei zu Lëtzebuerg jo amgaange sinn, eng allgemeng Reform vun de Rettungsdéngschter ze maachen. Engersäits hu mir eis bei der Reform zum Deel un der franséischer Legislatioun inspiréiert, an anersäits gëtt de Verännerungen, déi ustinn, an deem neien Accord elo scho Rechnung gedroen. Deen Échange vun Experte kënn eis zu Lëtzebuerg besonnesch zegutt am Kader vun eiser Reform, wou jo och d'Formatioun am Beräich vun de Rettungsdéngschter soll verbessert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, insgesamt gëtt déi gutt Kooperatioun, déi mir elo scho laang hunn, mat dësem Accord verstärkt a se gëtt eis am Fall vun engem gréisseren Accident d'Garantie, dass schnell an effikass ka gehandelt ginn an dass d'Rettungsaarbechten net duerch national an ënnerschiedlech strukturiert Services behënnert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als LSAP ënnerstëtze mir dësen Accord selbstverständlech. An ech ginn heimat am Numm vu menger Fraktioun d'Zoustëmmung zu dësem Projet a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den Här Laurent Zeimet.

Discussion générale

► **M. Laurent Zeimet (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci dem Rapporteur, dem Här Arndt, fir de mëndlechen an de schrëftleche Bericht zu dësem Gesetzesprojet. Mir droen dësen Accord och mat, well och mir halen et fir ganz besonnesch wichteg, och am Grenzraum d'enk Zesummenaarbecht vun de Rettungsdéngschter

ze intensivéieren a professionell och opzestellen, och am Kader vun der Reform, déi mer jo zesummen ustriewen, u sech, mä natierlech ass dat keng Fantasie, deen Accord.

Wa mer just zéng Joer zrëckdenken un den Zuchaccident zu Zoufftgen, dee genau op der Grenz war, wou deen een Deel zu Lëtzebuerg accidentéiert war an deen aneren Deel a Frankräich, da weess een, dass dat hei ganz séier am Alldag, a vläicht méi séier, wéi ee sech dat wënscht, ka Realitéit ginn, a muss an d'Praxis ëmgasat ginn. Deemools hunn d'Rettungsdéngschter gutt zesummegeeschafft, op där enger wéi op där anerer Säit, mä wann een e Kader huet, wann alles vu Vireran definéiert ass, mengen ech, mécht et och d'Aarbecht op der Plaz deen Dag selwer, wou ee sécherlech och ënner Schock an ënner Panik muss reagéieren, da méi einfach.

Op där anerer Säit denken ech, an ech denken aner Kollegen och, natierlech un eng Situatioun, wéi mer se zu Beetebuerg virun zwee Joer haten, wou eng Bréck op d'Eisebunn gefall ass a wou mer alleguerte mat ganz vill Chance duerch eng ganz gruelech Katastroph komm sinn a wou ee sech dann natierlech d'Fro stellt: Wat wär geschitt, wann...? Wäre mer esou opgestallt gewiescht, dass mer effikass a schnell hätte kënnen reagéieren?

An ech mengen, et ass och kee Geheimnis, dass mer eis am Land besser kéinten opstellen, fir op esou Situatiounen preparéiert ze sinn. An et ass jo och dat, wat mer duerch eng Reform vun de Rettungsdéngschter wëllen erreechen.

An natierlech hëlleft och esou en Accord, dass mer déi grenziwwerscheidend Zesummenaarbecht direkt kënnen mat bedenken. Wa mer wëssen, wéi schweier et ass, Rettungsdéngschter am Land zesummenzebréngen, da kann ee sech virstellen, dass et, wann et iwwert d'Grenze geet, net méi einfach gëtt. Do komme jo och nach verschidde Sproochen derbäi, verschidde Kommandoe vläicht a verschident Material, wat muss beduecht ginn.

Schliisslech denke mer natierlech, wa mer mat der Republik Frankräich iwwer esou Saachen diskutéieren, och u Cattenom. Net méi spéit wéi gësch ass jo och de Bilan gezu ginn. Et ass drun erënnert ginn, dass eleng 2015 fënnf Zwëschefäll am Reakter virkomm sinn. An d'Fro stellt sech natierlech och hei. An am Accord ass jo och en extraen Artikel virgesinn, fir op nuklear Tëschefäll an Urgencen zesumme kënnen ze reagéieren, wéi dat an der Praxis wäert iwwert d'Bühn goen, wann dee Fall sech dann eng Kéier géif stellen, wat mer natierlech alleguerten hoffen, wat ni soll de Fall sinn.

Mir hu jo e Plan Cattenom opgestallt. Et ass gutt, dass mer deen um Pabeier hunn an dass mer alleguerten elo wëssen, dass et e gëtt, mä wéi géife mer dee wirklech an der Realitéit ëmgasat kréien? Ass dat elo mat beduecht? Wéi eng Inzidenzen hätt dësen Accord sollen hunn op de Plan Cattenom?, wär nach esou eng Fro, déi mer eis géife stellen; iwwerhaupt, wéi deen Accord soll an den Alldag agraifen, och vun de Rettungsdéngschter haut op der Plaz, déi zum Deel schonn zesummeschaffen, mä wou eng Verbesserung sécher ubruecht wier.

An deem Sënn nach eng Kéier eisen Accord fir dësen Accord. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An dann huet den Här Max Hahn d'Wuert.

► **M. Max Hahn (DP).** - Solidaritéit. D'Solidaritéit ass e Wuert, wat am Rettungswiese ganz groussgeschréiw gëtt. D'Leit, déi sech am Rettungswiesen engagéieren, ob fräiwëlleg oder haaptberufflech, ob bei de Pompjeeën oder bei der Protex, si hunn eppes all gemeinsam: de Wonsch, de Leit an Nout ze hëllefen. Dëse Wonsch hält net op de Lännergrenzen op, net op der däitscher, net op der franséischer an och net op der belscher Grenz. Eng Persoun, déi Hëllef brauch, där ass et selbstverständlech och egal, ob d'Hëllef, déi se kritt, Hëllef aus hirem Land oder aus dem Nopeschland ass. Haaptsaach, et kënn Hëllef.

Grad am Rettungswiesen, wou et op all Sekonn ukënn, därfe Länner keng künstlech Bremse sinn. An der Praxis klappt d'länneriwwergräifend Zesummenaarbecht scho jorelaang relativ gutt. Och wann dat net jiddwerengem bekannt ass, ginn et elo scho Gemengenaccorden, déi länneriwwergräifend sinn an déi derfir suergen, dass am Asazfall souguer länneriwwergräifend allertéiert gëtt, dass gemeinsam grenziwwerscheidend Übungen durchgeführt ginn an dass och um Niveau vun de Jugendpompjeeën beispillsweis zesummen a gemeinsam Aktivitéiten organiséiert ginn.

Mir stëmmen haut iwwer en Accord mat eise franséischen Nopere of, dee bei Katastrophen a gréisseren Accidenter am Grenzraum fir eng besser Zesummenaarbecht soll suergen. D'Ze-

summenaarbecht vun eise Rettungsdéngschter mat de Rettungsdéngschter vun eise franséischen Nopere besteet schonn iwwer 50 Joer. D'Ennerschreiw vum neien Accord ënnermuert de politesche Wëllen, des Zesummenaarbecht ze stäerken, dëst fir de Leit an Nout schnellst- a beschméiglech Hëllef zoukommen ze loossen, an dat onofhängeg vu Lännergrenzen.

D'Rettungswiesen zu Lëtzebuerg wäert no der Reform vum Rettungswiese ganz no beim franséische System leien. Dat wäert sécherlech och derzou bäidroen, dass mer och hei eng ganz gutt Zesummenaarbecht kënnen sécherstellen.

Här President, wa mir déi Dausende Fraen a Männer net hätten, déi sech Dag fir Dag am Rettungswiesen engagéieren, da kéinte mir nach esou vill Accorden hei ënnerschréiw. A genau dofir wëll ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir, an ech mengen, ech maachen dat am Numm vun eis alleguerten, deene Leit op dëser Plaz e grouse Merci auszeschwätzen.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei. Ech soen dem Rapporteur Frank Arndt e grouse Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet dann, wéi gewinnt, den Här Roberto Traversini.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).** - Merci, Här President. Selbstverständlech gi mer den Accord.

Ech hu just eng kleng Bemierkung beim Artikel 14 - ech liesen deen och vir an ech erklären dann och, firwat -: «En cas d'accident nucléaire ou de situation d'urgence radiologique ayant des conséquences transfrontières, quel qu'en soit le pays d'origine, chaque Partie fournit l'assistance demandée par l'autre Partie dans la mesure de ses capacités et dans la limite de ses disponibilités budgétaires.» Nach alles schéin. Zweetens: «Cette assistance comprend également l'accueil des personnes affectées ou menacées. Les modalités de l'accueil font l'objet d'une concertation immédiate entre les autorités responsables des deux pays.» Dat ass och nach gutt. «Les deux Parties prennent en concertation toutes les mesures nécessaires pour faciliter le franchissement de la frontière aux personnes visées (...)»

Ech hoffen net, dass eppes geschitt. A wann, hoffen ech net, dass eis Kollege Fransousen da just 30.000 Lëtzeburger géifen ophuelen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Traversini. An ech mengen, et ass keng aner Wuertmeldung do. Dann huet den Innenminister d'Wuert, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Jo, ech mengen, Här President, hei ass et net aneschtens wéi an deenen Dossiere virdrun. Ech stellen eng grouss Eenegheet an der Chamber fest fir en Accord, deen ee wirklech kann als Meilesteen och fir d'Rettungsdéngschter hei zu Lëtzebuerg bezeichnen.

Et war e Virgängeraccord do. Deen hu mer wesentlech nogebessert. Ech ginn och dervun aus, dass och a Frankräich den Accord ganz séier wäert ratifizéiert ginn. An dann hu mer eng Basis do, fir eng ganz Rei vun Zousazaccorden nach ze ënnerschréiw, déi och an der dagdeeglecher Praxis eise Rettungsdéngschter zeguttkommen.

Dofir nach eng Kéier Merci fir deen exzellente Rapport an och fir déi ganz konstruktiv Diskussioun, déi mer elo hei haten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An da kéinte mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6896 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6896 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

59 Participatiounen um Vott. 59-mol Jo. Unanimitéit. De Projet ass also ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;